

eng **KLACK** fir eis Sprooch 62

Heemecht - Fändel - Sprooch

L. R. - Gësch hu mir eisen National-Feierdag gehat. Glécklecherweis liewe mir an engem Land, wou jidferen op deen Dag mécht, wat hie wëllt... oder och nëmmen e fräien Dag ewéi jidfer aneren dra gesäit.

Et muss een haut jo ower bal fäerten, bei dëser Geleeënheet eppes vu Fändel, Nationalidd oder Sprooch ze soen oder ze schreiwen; dobäi sinn dat dräi Zeechen, Symboler an Zeie vun der Identitéit an der Souveränitéit vun eisem Land. Sollten der vill sech net emol drun erënneren, mat watfir Gefiller eise Fändel vru 60 Joer verstoppt huet misse ginn? Missten anerer net emol méi däitlech a méi dacks gesot kréien, datt e Fändel net iergendeng Fatz faarwege Stoff ass? Do gëtt et Leit - deenen hiirt gutt Recht dat an eisem fräie Land ass - fir déi ass dat „Gefändels, Gesproochs a Gefeiers“ ales ale kale Blabla, a net cool genuch, souzesoen nationalistesche Klimbim, a just gutt fir naiv Provënzschwärmer vun hanner Klengstuppeg.

A propos „Provënz“: Loosst mer mol ee klengen Ament unhuelen, mir gifen hei an enger Provënz vun der Belsch, vu Frankräich oder esouguer Däitschland liewen; mir sitzen do geographesch, politesch an ekonomesch am leschte Stëbseck, aplaz an engem international perfekt unerkannten eegene Staat. An da loosst mir dat och emol bis an dee leschte Wénkelchen ausdenken: Mir géngen eis Gesetzer a Reglementer net selwer maachen; déi gifen äis dann an der Haaptstad, zu Paräis, zu Bréssel, zu Berlin diktiert. Wéi wier et dann hei mat den Aarbechtsplazen a mat eiser ganzer ekonomescher Situatioun? Da wire mir d'Frontalieren, d'Grenzgänger, d'Pendler. Ower wouhin schaffe goen? Op 200 Kilometer rondrem keen „Job“ ze fannen! Wat wir dat super cool!

Mais wann et engem (zevill) gutt geet, dann ass et net fir un esou „Dommheeten“ ze kalenneren; da soll een net vu Fändel, Nationalidd oder Sprooch soueren; da léisst een sech et gutt goen, et ameséiert een sech wa méiglech vun 1. Januar bis den 31. Dezember... wéi Gott zu Lëtzebuerg! „Nëmmen drop!“... mais garlabox wann d'An emol engker oppgi wéi Ginzscheeken.

Wéi et zu eisem Mickimaus-Schlaraffeländche komm ass; wat virun äis war; wien dofir riichtgestan huet; wuer et fir eis Kanner a Kandskanner higeet... alles net wichteg... d'Haaptsaach: et geet äis elo an haut an hei wonnerbar megacool. An da soll keen äis en Ouer mat der Sprooch oder dees Gemësch maachen.

Natierlech ass hei dat Gegommels, Geknadders a Geknuers. Mais ass et dann net och e bësse wéi eng gutt kill Dusch ze kucken, déi een hëlt, wann et engem zevill „dämpeg“ gëtt, wann d'Sonn engem e bëssen zevill op de Pelz dréckt... esouguer „d'Fräiheetssonn“. Zënter wéini? Duerch wien an duerch wat? Wéi laang nach? Fir wien?

ACTIOUN LËTZEBUGESCH – EIS SPROOCH

Adressen: Bredewe, 21 L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 L-2010
Téléphon 47 06 12 Fax 22 24 90 & 45 83 8 9 / Postscheck: 6644-48
Cotisatioun/Member: 500 Frang d'Jor



Industrie - Broochen? Brach!

P. W. - Zënter dass eis Arbed an de siwzenger Joeren de Schnapp an den Houscht erwëscht huet, hunn d'Kamäiner no an no a Plaz fir Plaz opgehal ze dämpfen. Eis gutt Frënn, de Fernand Lorang an d'Madame Jeanine Theis-Kauth, allen zwee vu Rémeleng, sinn der vun deene Leit, déi eis en historescht a literarescht Stéck vun deem Minett verzielen a beschreiwen, deem eist Land esou vill ze verdanken huet. Mais déi ekonomesch Wierklechkeet kennt keng Romantik. Hir Litteratur sinn d'Finanzzeitungen. Hir Kulturelementer sinn d'Actien, de Bilan an d'Rentabilitéit... Do, wou fir uechter d'ganz Welt Stol-Spezialitéit vun houfregster Qualitéit „gekacht“ a gewalzt gi sinn,

do gëtt et eidel. Honnerte vun Hektare leie brooch a waarden op en neit Liewen... Hunn ech elo „brooch“ gesot? Nodeem, wat een a leschter Zäit esou iwuer d'Microhon héiert, leien déi Industrie-Lännereien net brooch mais „braach“, an dofir gi si elo „Industrie-Braache“ vernaamt. Wat soll een dovunner halen? Ganz einfach: Déi „Braache“ passe wonnerbar bei déi Sprooch-Braach, déi en etlech Leit sech un Radio oder op der Televisioun leeschten... Braach? ... Brach!... a wann do d'Saaf, de Wesseg, erausgefängt kënn, dann hu mer Kéis. Fir gekachte Kéis. Oder Sprooch-Kéis? Näischt fir ongutt... ower beileiwen och net fir gutt!

Kanner - Wieder...

R. Z. - Haut schéngt et méi wéi je zum gudden Toun ze gehéieren, méiglechst vill friem Wieder an de Mond ze huelen. Englesch Wieder komme jiddefall bei enger Parti Leit ganz gutt un; an dat net nëmmen hei.

Wat fréier déi sëllege franséisch Ausdréck waren, där mat der Endung *-éieren*, dat sinn haut déi englesch Begrëffer, déi dacks kee Mënsch versteet... dat ass apaart cool. Haut lauschtere mer jo keng Nouvelle méi, mee *News*, och keng Haptnouvelle méi, mee *Headlines*; *megacool!*

Kleng Kanner hunn do vill manner Hemmunge wéi mir Erwuessener. Et rappt ee schon dacks vun de Péil, wann een héiert, mat wat fir enger Seilerou Knätzelen a Binnerte Wieder riichtewech aus dem Näischt erfannen, déi dann och nach plazeweis méi genee sinn wéi déi „offiziell“ Begrëffer.

Hei nëmmen e puer Beispiller, déi wierklech opgefange gi sinn, fir ze weisen an ze beweisen, wéi spruddeleg a lieweg d'Kënnercher direkt den Nol op de Kapp geroden. An der Schwämm geet dee Kleng net, wéi séng Mamm, an de *Whirlpool*, mee an de *Spruddeleck*. An der Paus ésst dat Kleng keng Pij, mee a *munsegen Apfel*. Ass et duuschtereg, dann dréngt et kee Sprudelwaasser, mee *Pick-Waasser*.

Huet dir eise Mini-Dictionnaire „Mosaik-Steng“ ewell kaaft? Dir kritt e bei äis direkt, oder an ärem Bicherbuttek... fir 380 Frang 6 000 lëtzebuergesch Ausdréck a franséischer Iwwersetzung!!!

(Edition „Cahiers luxembourgeois“; an all Bicherbuttek / 600 Frang)

Eise Comité: Claude Bache, Gisèle Dupong, René Faber, Johnny Flick, Jeanny Friederich, Jang Hansen, Lex Roth, Robert Siuda a Roby Zenner

Nächst Klack (63): 30.9.2000

„eise“ Robert Schuman

L. R. - An de Statute vun der Actioun-Lëtzebuergesch steet däitlech, datt si sech „asetzt fir alles, wat Lëtzebuergesch ass, apaart fir eis Sprooch“... domat ass klar, datt jidfer Element vun eiser Identitéit, Authentizitéit, Kultur a Geschicht och e Programmopunkt vun deem Veräin ass, deen dat anert Joer houfreg seng 30 Joer feiert.

Wann deemno an dem Editorial vun enger Millioun-Publikatioun wéi dem Figaro-Magazine, a vun engem Star-Journalist, Behauptunge stinn, déi mat engem vun deene Punkten hei uewen ze dinn hunn, ower riichtewech falsch sinn, dann ass et uns äis, fir fein an héiflech, ower ouni Féischten ze reagieren. Mir Lëtzebuergesch hunn et jo emol nun un äis, fir äis verkëppen ze loossen, soubal an de grouse Länner iwer äis gehouscht gëtt; et ass z. B. bekannt, datt mir op d'mannst ënnert Lyon erof zimlech gär als „Boches“ gekuckt ginn; wa mir äis dat gefale loossen, da brauche mer äis net ze wonneren, datt anerer äis fir net méi sérieux huele wéi mir äis selwer.

Watfir eng Behauptung dann elo? Déi hei: „Robert Schuman fut l'un des grands hommes d'Etat français... Il était né Allemand, dans la Lorraine du Kaiser... C'est pourquoi Jacques Duclos, notre stalinien national, l'avait finement surnommé le „Boche“.“ Eng Gemengheet vun Stalin-Kommuniste-Collaborateur Duclos, eng (onbewosst?) Flappegheet vun Franz-Olivier Giesbert, géint de Robert Schuman an indirekt géint eist Land.

De Bic huet mir natierlech an de Fanger gekribbelt, an de FigMag krut stoesfouss déi hei Äntwert (deelweis): „Robert Schuman est né de père lorrain et de mère luxembourgeoise, à Luxembourg-Ville, plus précisément au faubourg de Clausen... donc au grand-duché souverain et, de ce temps, en union personnelle avec les Pays-Bas, sous le règne de Guillaume III d'Orange-Nassau... il a passé son enfance à Luxembourg et y a fait ses études secondaires... sa langue maternelle était bel et bien notre idiome national, le luxembourgeois, que vos présidents Pompidou et Mitterrand ont reconnu comme l'un des éléments authentiques de notre identité...“

Resultat: De Figaro-Magazine huet dee riichtgebéiten Text a senge Lieserbréiwe bruecht, a mir wësse jo, datt déi am meeschte gelies ginn! Domat hunn ëmgerechete Milliounen vu Fransousen a Belsch e perséinlecht Stéck vun eiser Geschicht matkritt, dat zu eise beschte gehéiert. Fir der EU hir Adepten ass et och net schlecht, wa mir eng Partie Saachen heiansdo mol erëm op hir Plaz setzen; eng (gutt an interessant) Ausstellung am Cercle gesinn ower déi aus der EU net, déi net zu Lëtzebuerg sinn... an dat sinn der 360 Milliounen.

Är Klack seet äddi...
bis den 30. September